Formatioun fir
d’Monitricen an d’Moniteuren
Lombardsijde 6. – 9. Abrëll 2010

Et waren emol 18 Damen an 3 Häre̲n,

déi sinn a Richtung Lombardsijde gefuer, ëmmer no den Stären.

No 6 Stonnen laanger Fahrt,

gouf emol déi gutt Schoklasmousse geschmaacht.

Valise ausgepaakt,

an dunn op d’Plage.

Ukomm um « Beach »

kruten mir gehalen ee klenge « Speech ».

Futti freckt vun der ustrengender Rees,

gouf et owes just nach eng Gutt-Nuecht-Bees.

Den Dag drop haten déi ee Kur beim Edmée, Jean a Mill,

sinn mëttes op den Strand gaang an hunn gemaach mat de Kanner munch Spill.

Déi aner hunn positiv an negativ Erfahrungen ausgetosch,

hunn mat Tipps an Tricks openeen geschoss.

Nodeems mär gewisen kruten 1. Hëllef ze leeschten,

konnten mär déi aner mat eise witzegen Verbänn begeeschteren.

Och eng Aufgab gouf eis iwwerdroen,

sou hunn mär geleiert als Moniteur/-rice virun de Kanner ze stoen.

Eng Veillée haten mär virzebereeden,

an et huet eis Spaass gemaach alles ze organiséieren an ze leeden.

Duerch d'Feieren vum gelongenen Oflaf kruten mär eng kuerz Nuecht,

als Belounung huet eis de Bus op de Maart du bruecht.

Jonk an Aal hunn zesummen geschafft an net gestridden,

a sinn no 4 vollgepaakte Deeg mat eisem « Coco » heemgeridden.

By Aline Stracks, Anissa Klein, Delia Donven, Caroline Schuster, Patricia Hoffmann, Laura Theisen

Sou Gréng wéi d'Blaat vum Foyer de la Femme,

war eis Hoffnung fir d'Formatioun, vill Freet an Fun.

De Mill war wéi ëmmer rem Präsent,

an geht wéinst eiser nach ëmmer net an d'Rent.

D'Lily war och rem um Dill,

an huet matgemaach bei all Spill.

D'Kanner waren och voller Freet an Spaass, dofir war

eis geplangten Animatioun ee decken Gas.

Den Herr Koster war dëst Joer nei,

dofir hun mir vill geléiert vun der éischter Hellef hei.

Dem Edmée seng Organisatioun an

seng kreativ Oder, war dobei e wichtegen Kader.

An der Bar hunn d’Mariette an Edith alles fir eise Duuscht gemaach.

Vum Ginette sengem ville Fotoen maachen, hun mir och d’Baaken wéi vum Lachen.

Matt vill nei Erfahrung an Fantasie, gi mir voller Freet an déi nächst Kolonie.

Jennifer, Kelly, Cindy, Lia, Ana, Samantha